



# Préizerdauler **NORIICHTEN**

Bieberech, Platen, Proz, Rëmmerig, Horas, Roudbaach

1/2022

# Préizerdauler Noriichten 1/2022

Dezember 2021 bis Abrëll 2022

## Sommaire:

- 3 Virwuert
- 7 Diskussioun
- 11 Sitzungsbericht vum 16.12.2021
- 18 Sitzungsbericht vum 01.03.2022
- 19 Sitzungsbericht vum 04.03.2022
- 24 Personaléierung
- 25 Etat civil
- 26 Neies an eiser Gemeng
- 29 Séchere Schoulwee
- 30 Digital Archiv Préizerdaul
- 31 Musée Michel Lucius
- 32 Par Atertdaul
- 33 Verschiddenes
- 46 Fotoen aus eiser Gemeng
- 48 Aktivitéiten vun eisen Veräiner

# OUSCHTEREN am Préizerdaul 16→17→18 Abrëll 2022



### Samschdes

- Ouschterparty am Zelt  
Bal vum CDJeb 21 Auer  
menn DJ Nosi, DJ Dee, DJ Flex

### Sonndes

- Konschtgalerie XXL
- Thé dansant  
16 - 20 Auer Baggy Ni Doheem  
20 - 01 Auer Jeans Generation

### Méindes

- Konschtgalerie XXL
- Groussen Ouchtemaart
- Portugisesche Mëtbeg am Zelt  
mit lassen, Musik a Folklor

[www.preizerdaul.lu](http://www.preizerdaul.lu)  
[Ouchteren am Préizerdaul](https://www.facebook.com/Ouchteren.am.Preizerdaul)

## Realisatioun: Gemeng Préizerdaul

ënnett der Responsabilitéit vum Schäfferot

Fotoen : Charles Reiser a Gemeng

## Cover: Fréijoer

(Foto: Charles Reiser)

Redaktiounsenschluss fir di nächst Editioun ass den  
1. Juli 2022

Veräiner sollen hir Beitrag per mail un  
[jruppert@preizerdaul.lu](mailto:jruppert@preizerdaul.lu) schécken



**KlimaPakt**   
European Energy Award Gold



# VIRWUERT

Léif Awunnerinnen an Awunner aus der Gemeng Préizerdaul, léif Leit alleguer

Dat normaalt Liewen ass erëm do, ouni Masken an ouni soss Restriktiounen. D'Gemeng Préizerdaul an Zesummenaarbecht mat e puer Dauler Veräiner invitáieren lech alleguer duerfir erëm op den traditionnellem Ouschterweekend am Préizerdaul. Et soll erëm sou normal wéi méiglech oflafen an et soll kënne geféiert ginn, mat Ausstellung, mat Ouschterbal, mat Ouschtereeërverdeelen, engem gutt geféllte Musiksprogramm a vun allem genuch fir dat läiflicht Wuel. Mir hu geduecht et wier rëm un der Zäit fir d'Kultur an d'Kulinarik von engem anere Land mat där vu Lëtzebuerg ze verbannen. Dëst Joer ass Portugal eisen Invité um Ouschterfest. Dat läit scho bal op der Hand, liewen dach nit hei zu Lëtzebuerg am Joer 2021 ongeféier 94'000 portugisesch Matbierger.

Si maachen de gréissten Deel vun der auslännesch Populatioun hei zu Lëtzebuerg aus a liewen och hei hir Kultur vun do heem. Zu Lëtzebuerg ass dat an eiser multi-kulti Gesellschaft ganz selbstverständliche an ouni Bedenke méiglech. Versteesdemech, Toleranz, Offenheit, friddlecht Mateneen, Zesummenhalt, eng Portioun Virwëtz fir dat Friemt a Respekt deen Ee vis-à-vis vum Aneren sinn e puer vun de wichtegen Eegeschaften déi fir e friddlecht Zesummeliewe vu grousser Wichtegkeet sinn.

Leider ass dat net iwwerall op dëser Welt esou selbstverständliche. Déi rezent Entwicklungen am Krich vu Russland géint d'Ukrain weisen eis erëm op e Neits wéi onendlech d'Leed ass, wann e friddlecht Zesummeliewen net méiglech ass. Mir sollten eis all deem all Dag op e Neits bewosst sinn. Mir allegueren, d'Gemeng, an dir léif Awunner aus dem Préizerdaul sollten eis engagéieren deene Menschen déi elo keen sou e schéint a friddlecht Doheem méi hunn ze hëllefen. Familien, Fraen a virun allem Kanner brauchen eis Hëlf. D'Gemeng huet lech gefrot fir ze hëllefen. Ech soen deenen déi eisem Opruff scho nokomm sinn e ganz groussen an häerzleche Merci, an appelléieren nach eemol un all déi aner.

Nieft deem onendleche mënschleche Leed wat sou e Krich mat sech bréngt, mierke mer awer och, datt de Krich Repercussionen op eist alldéeglech Liewen huet. Déi geckeg Energiepräisser wéi mer se lo erlieft hunn weisen eis wéi ofhängeg eis Gesellschaft an eis Wirtschaft vun Energieimporter aus dem Ausland sinn.

E méigleche Wee aus dem Dilemma eraus ass eng méi suffizient Art ze liewen, manner Energie ze verbrauchen an och méi an alternativ Energiequellen ze investéieren. De Schäffens a Gemengerot aus dem Préizerdaul huet am Dezember e Subsidereglement gestëmmt fir zousätzlech zu de staatleche Subsidien e Gemengesubsidge auszebezuelen.

Dëst fir energieetesch Renovatiounsaarbechten an engem Haus, fir d'Oppriichten vu Solaranlagen, fir eng Energie berodung oder fir d'Installatioun vun enger Wärmepompel oder enger Pelletsheizung. Ewech vu fossile Brennstoffer.

D'Gemeng organiséiert zesumme mam Energieberoder a mam Climateam e Bierger Atelier, den 3. Mee um 19:00 op der Fabrik, hei wéilte mer dat Thema mat lech alleguer diskutéieren. Déi national Ziler am Klima Beräich virstellen an déi lokal Ziler fir manner Energieverbrauch diskutéieren, eventuell Subsidien oplëschten an eng Visite vun eiser Holzheizung op der Fabrik stinn deen Owend um Programm. Dir sidd allegueren häerzlechst invitéiert.

Dee vun der Gemeng opgestallte Budget fir 2022 gouf vum Intérieurministär ugeholl, an ass elo am Gaang émgesat ze ginn. Et heescht émmer erëm, "Mir bauen eng nei Schoul", duerfir bléift fir grouss Spréng keng Plaz. Den Architektenbüro fir déi nei Schoul ass eraus gesicht, an deen ass och flässeg amgaang ze plangen. Et sollen 10 nei Klassesäll realiséiert ginn, e Multimediasall, e Musiksall an eng nei nohalteg Heizung.

Och wann de Schoulprojet eise Budget fir déi nächst puer Joer staark beaflosst, wölle mer awer trotzdem net stoe bleiwen, mee eise Préizerdaul e weidert Stéck méi attraktiv maachen. An der läschter Gemengerotssitzung hu mer e Projet vun engem Beachvolleyballterrain gestëmmt. Dee soll am Kader vun der Nuit du Sport den 11. Juni ageweit ginn.

Op eiser grousser Spillplaz, der Dauler Kaul ass et nach émmer zimmlech eidel, an dat wäert och nach e bësse sou bleiwen. Nodeems mer d'láscht Joer d'Schaukelen an d'Podester aus Sécherheetsgrénn hu mussen ewech huelen, huet de Schäffens- a Gemengerot och direkt neit Material bestallt. Leider si laang Liwwerzäiten op deem neie Geschier, an et gëtt éischter Summer bis déi nei Spillplaz do ass. E klengen Ausbléck doriwwer wéi déi nei Spillplaz duerno ausgesäit weise mer lech an dëser Zeitung.

De Schäffens- a Gemengerot wünscht lech eng schéint Virfreid op déi nei Plaz an ass der Meenung datt d'Kanner aus dem Préizerdaul an Ëmgéigend sech hei ganz gutt wäerten ameséieren.

An deem Sënn bléift mer just nach lech e schéint Ouschterfest ze wéinschen.

Fernand Müller  
Schäffen Gemeng Préizerdaul

# PRÉFACE

Chères concitoyennes et concitoyens de la commune Préizerdaul, chers tous,

La vie normale est de retour, sans masques et sans autres restrictions. La commune Préizerdaul, en collaboration avec quelques associations du village, invite à nouveau tout le monde de participer à son weekend traditionnel de Pâques au Préizerdaul. Nous voulons que tout se déroule aussi normalement que possible et que nous puissions faire la fête, avec une exposition, un bal de Pâques, la distribution d'œufs de Pâques, un programme musical bien rempli et un catering assuré. Nous avons pensé qu'il était à nouveau temps de combiner la culture et la gastronomie d'un autre pays avec celles du Luxembourg. Cette année-ci, notre invité à la fête de Pâques sera le Portugal. C'est presque évident, car le Luxembourg compte actuellement plus de 94'000 citoyens d'origine portugaise.

Les ressortissants portugais représentent le plus grand nombre de la population étrangère au Luxembourg et pratiquent toujours leur culture d'origine dans leur pays de résidence. Au Luxembourg, dans notre société multiculturelle, cela va de soi et ne pose aucun problème. La compréhension envers les autres, la tolérance, l'ouverture d'esprit, la cohésion paisible, une certaine curiosité pour l'étranger et le respect d'autrui, sont quelques-unes des qualités importantes nécessaires pour la vie en commun.

Malheureusement, ceci n'est pas le cas partout dans le monde. Les récents événements en Ukraine nous montrent une fois de plus, combien la souffrance est infinie lorsqu'une cohabitation pacifique n'est pas possible. Nous devrions prendre conscience de cette soi-disant normalité chaque jour à nouveau. Nous tous, la commune et vous, chers habitants du Préizerdaul, devrons nous engager à aider les personnes qui se trouvent en détresse. Les familles, les femmes et surtout les enfants ont besoin de notre aide. La commune a fait appel à votre aide. À tous ceux qui ont déjà répondu à notre appel, j'adresse un grand et chaleureux Merci et j'en appelle encore une fois à tous les autres.

Outre la souffrance inhumaine qu'une telle guerre engendre, nous constatons également que la guerre a de fortes répercussions sur notre vie quotidienne. Les prix débordants de l'énergie, comme ceux que nous venons de connaître actuellement, nous montrent à quel point notre société et notre économie sont dépendantes des importations d'énergie en provenance de l'étranger.

Une issue possible à ce dilemme est de vivre d'une façon plus décente, de consommer moins d'énergie et aussi d'investir davantage dans des sources d'énergies alternatives. Le conseil communal du Préizerdaul a approuvé en décembre dernier un règlement de subvention visant à verser un subside communal en plus du subside de l'État.

C'est le cas pour l'assainissement énergétique d'une maison, pour l'installation de panneaux solaires, pour le conseil en énergie ou encore pour l'installation d'une pompe à chaleur ou d'un chauffage à pellets. Abandonnons les combustibles fossiles. La commune organise, en collaboration avec le conseiller en énergie et l'équipe climat, un atelier citoyen le 3 mai à 19h00 au centre culturel « Op der Fabrik », au cours duquel nous souhaitons débattre à ce sujet avec vous. Au programme de cette soirée : présentation des objectifs climatiques nationaux et discussion sur les objectifs locaux de consommation d'énergie, énumération des subventions possibles et visite de notre installation de chauffage au bois au centre culturel Fabrik. Une invitation à part vous parviendra sous peu.

Le budget établi par la commune pour 2022 a été approuvé par le Ministère de l'Intérieur et se trouve actuellement en cours d'exécution. Le slogan "Nous construisons une nouvelle école", est répété sans cesse, ce qui a pour conséquence que la marge de manœuvre pour d'autres projets est assez réduite. Le bureau d'architectes pour la nouvelle école a été déterminé et planifie actuellement 10 salles de classe, une salle multimédia, une salle de musique et un nouveau système de chauffage durable.

Même si le projet d'école pèse lourdement sur notre budget pour les années à venir, nous ne voulons tout de même pas nous arrêter là, mais nous continuons toujours à rendre notre Préizerdaul plus attrayant. Lors de la dernière réunion du conseil communal, nous avons voté un projet pour l'aménagement d'un terrain de Beach-Volleyball qui devrait être inauguré dans le cadre de la Nuit du Sport le 11 juin 2022.

Notre grande aire de jeux, la Dauler Kaul, est encore assez vide, et cela va durer encore un peu. Après avoir dû démonter l'année dernière les balançoires et les podiums pour des raisons de sécurité, le collège échevinal et le conseil communal ont immédiatement commandé du nouveau matériel. Malheureusement, les délais de livraison du nouvel équipement sont longs et il faudra attendre le début d'été pour que la nouvelle aire de jeux soit prête. Vous trouverez dans ce journal une petite esquisse du réaménagement de l'aire de jeux.

Le collège échevinal et le conseil communal sont convaincus que les enfants du Préizerdaul et des environs y passeront des moments agréables.


Dans cette optique, il ne me reste qu'à vous souhaiter de joyeuses fêtes de Pâques.

Fernand Müller  
Echevin commune Préizerdaul

## Di nei Spillplaz "DAULER KAUL"



Coming  
soon





03/05  
2022

KULTURZENTRUM  
OP DER FABRIK  
19H30 - 21H30

## INVITATIOUN BIERGER-ATELIER

Är Gemeng invitierert lech all, léif Bierger aus dem Préizerdaul, op eisen nächste Bierger-Atelier, begleet vum Klima- an Energieberoder vum Syndikat Kanton Réiden.

D'Thema vun dësem Biergerowend ass:  
„Meng Gemeng - mäi Klima: wéi hétze mir an Zukunft“

### Kontext

Lëtzebuerg an allgemeng d'EU si staark vun auslänneschen Energieimporter ofhänggeg an deemno och staarken a geckege Präsentwécklungen ausgeliwwert. Soulaang mir net eis eegen Energieversuergung mat erneierbaren Energien ofgedeckt hunn, bleift dat och esou. Dëi aktuell Krisesituatioun mat dem Krich, dee Russland géint d'Ukrain feiert, weist dat op e Neits.

Mee net némmen d'Präisser schwätzte fir eng dringend Energietransition, mee och eist Klima. D'EU a Lëtzebuerg hunn sech virgeholl bis 2050 klimaneutral ze ginn, dann däerfe keng fossil Energié méi genotzt ginn. Bis 2030 musse mir deemno 55% vun eise CO<sub>2</sub> Emissiounen am Verglach zu 2005 reduziéiert hunn. Fir dëst ganz ambitiéis Ziler ze erreechen, muss all Gemeng, all Bierger an all Betrib sain Deel dozou båldroen

D'Hétze vun eisen Haiser mécht ee groussen Deel vun eisem Energieverbrauch aus. Dowéinst musse mir kucke fir engersäits dësen Energieverbrauch erofzekréien andeems mir eis Haiser manner energie-hongreg maachen an anersräts kucke fir kee CO<sub>2</sub> méi ze emittéieren, andeems mir eis Masutt- oder Gasheizung mat Alternativen, déi op erneierbar Energié wéi Holz a Solarenergie oder op elektresch Energie zeréckgräifen ersetzen (Wärmepompel, Holz, Solar).

### Owesprogramm

Op dësem Biergerowend, wölle mir lech weisen, wat genau dës Alternative sinn, wat Dir vu finanziellen Hëllefe beim Staat a bei Ärer Gemeng kritt, wéi Dir am beschte virzegoen hutt a wat lech dat énnert dem Strich bréngt.

Mir freeën eis och op Är Froen anzegoen. Eise Gemengentechniker stellt lech och den Heizsystem vun der Fabrik vir, deen Dir uschléissend kënnt besichtegen. Zum Schluss invitierert Är Gemeng lech op ee Patt.

### Ageluede sinn

Jiddereen ass häerzlech wéllkomm. Plangt Dir een neit Haus oder een aalt Haus ze renovéieren oder wéllt Dir einfach némme wésse wat de Moment punkto Heiztechnik esou leeft? Da kommt op d'Fabrik an diskutéiert mat eis.

### Umeldung

Mir wiere vrou, wann Dir eis kuerz kéint Bescheid ginn, ob Dir kommt: jruppert@preizerdaul.lu - T26 62 99 140

**Mir freeën eis op Är Bedeelegung an op een interessanten Owend mat lech.  
Äre Schäffen- a Gemengerot**



---

## Eng (net méi ganz) nei Rubrik fir d'Préizerdauler Noriichten

---

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

De Schäffen- a Gemengerot proposéiet lech well déi 5. Ausgab vun „Diskussioun“.

Mir sinn iwwerzeegt, dass verschidden Usichten a virun allem eng propper a respektvoll Ausenanersetzung doriwwer zu eiser Kultur an zu eisem politeschen System gehéieren a ganz wichteg sinn.

Bei eis am Schäffen- a Gemengerot gëtt vill diskutéiert – heiansdo och ganz animéiert.

Mee némmen wéineg vun dësen Diskussioune sinn iwwert de Rot eraus bekannt:

- Am Compte Rendu sti meeschters just d'Decisiounen
- an an de Sitzungen (déi jo öffentlech sinn) hunn némmen wéineg BiergerInnen Zäit fir nozelauschteren.

Fir dass all déi interessant Informatiounen fir lech verfügbar sinn, wölle mer lech hei en Abléck ginn an d'Sujeeën, déi mer am Gemengerot kontrovers diskutéieren.

- Fir wat huet den een dofir, den aneren dogéint gestëmmt?
- Wat waren do déi verschidden Argumenter?
- Fir wat huet sech vlächt och een enthalen?
- Wat si soss nach fir Diskussiounen do – och ouni dass eng konkret Décisioun usteet?

Vlächt huet Dir jo och Propositioonen fir Sujeeën, déi mer sollten hei opgräifen? Sot eis einfach Bescheid.

D'Ziel ass méi Transparenz: lech mat anzebannen an lech ze weisen, wéi eng Iwwerleeungen mer eis maachen.

Ären Gemengen- a Schäfferot

### ***Archiv:***

*Diskussioun 1: Schutz vum Patrimoine (03/21)*

*Diskussioun 2: Elektronesch Affichage laanscht Haaptstrooss (06/21)*

*Diskussioun 3: Wéi dicht bauen mer am Préizerdaul (10/21)*

*Diskussioun 4: Eis Feldweeër (12/21)*

*Diskussioun 5: PAG (04/22)*

## Diskussioun 5

Den 17. Februar 2022 huet de Gemengerotsmember René Zigrand (RZ) op der Plattform mywort.lu en Artikel publiziert, an dem hien Elementer vum PAG vun der Gemeng Préizerdaul kritiséiert.

De Buergermeeschter Marc Gergen (MG) huet an der Gemengerotssitzung vum 4. Mäerz doropshin bedauert, dat esou eng Ausenanersetzung net am Gemengerot stattfënnt – weder deemools wou de PAG eestëmmeg ugeholl gi war, nach duerno. Hien notzt déi Sëtzung fir op déi Kritik vum René Zigrand anzegoen.

Mir wëllen hei déi Elementer aus der Diskussioun méi ausféierlech duerleeën – dat ass jo genee dat wat mer eis mat déser Rubrik vun de Préizerdauler Noriichten virgeholl hunn. Vu dat et an der Sëtzung vum 4. Mäerz zu kenger Diskussioun komm ass an den René Zigrand den Ausféierungen näischt entgéint gesat huet, bleiwen mer hei bei dem Format vun enger Géigeniwwerstellung vun deenen Perspektiven.

### Em wat geet et?

Eis Gemeng huet d'lescht Joer e neien PAG gestëmmt. Dat ass eng Obligation fir all Gemeng hei am Land. Den PAG regelt, wéi an wou an eiser Gemeng gebaut dierf ginn. Et ass also e ganz wichtegt Instrument fir d'Entwicklung vun eiser Gemeng an eppes ganz Komplexes. Bis de PAG konnt am Gemengerot gestëmmt ginn, gouf et onzieleg Aarbechtssitzungen an och Experte, déi mer bezuelt hunn, hu vill dru geschafft.

Ziel war et, dat mer esou kloer Regelungen wéi méiglech schafen; dat mer Ongerechtegkeeten eliminéieren; dat mer mat dem PAG eis Gemeng bei hirer Entwicklung énnerstëtzen, ouni op Naturschutz ze verzichten; fir d'Jalon'en ze setzen wéi eis Gemeng sech an Zukunft entwéckelen soll an ze garantéieren, dass all Bierger gläich behandelt ginn. Op dem Wee waren vill kleng a grouss Décisiounen ze huelen an et war all Bedelegtum kloer, dat dobäi mat Sécherheet och Feeler geschéien. Dofir gëtt et déi Méiglechkeet fir all Bierger, Widdersproch anzeleeën an d' Gemeng huet och d'Méiglechkeet punktuell Upassungen (MoPo) ze maachen – déi och schonn an der Diskussioun sinn.

### Wat ass elo um aktuelle PAG ze kritiséieren?

Hei Zitater aus dem Artikel vum René Zigrand	Hei d'Géigenduerstellung vum Marc Gergen
"La zone mixte villageoise a été déployée sans concept sur le PAG au détriment des citoyens ne pouvant pas bénéficier de cette zone."	<p>Et gouf e Konzept, dat och am Gemengerot émstridde war: Ziel war, de Commerce an der Haaptstrooss ze fokusséieren an am Rescht vum Duerf de ländleche Charakter mat méi niddereger Densitéit ze halen - esou wéi dat och an villen anere Gemengen ass, an wéi et och vum Ministère de l'Intérieur an Environnement recommandéiert gëtt.</p> <p>Eenzel BiergerInnen falen mat hirem Terrain elo net méi an eng Zone mixte, mee an eng Zone habitat. Dës Décisioun gouf vill diskutéiert an ass finalment majoritaire am Gemengerot ugeholl ginn.</p>

## Diskussioun 5

Hei Zitater aus dem Artikel vum René Zigrand	Hei d'Géigenduerstellung vum Marc Gergen
“Beaucoup trop de maisons ont été déclarées comme protégées contre la volonté des propriétaires. Ces propriétaires ne disposent maintenant plus de la souveraineté sur leur maison.”	<p>Am aktuellen PAG goufen et +/- 24 Alignementer, 28 Gabariten an ca. 120 Constructions à conserver, am Ganzen also +/- 172 Stéck. Et goufen dozou 8 Reklamatiounen vun de betraffenen Bierger, dovun huet de Gemengerot 6 Recht ginn. Domat huet just 1%, also 2 Bierger net kritt wat se wollten.</p> <p>Dass et net stëmmt, dass e Propriétaire keng Souverainitéit méi huet iwwert e geschützt Haus, ass op der hei Platz schonn erkläert ginn: Dái Critères vum Denkmalschutz weien déi Interessien vun der Allgemengheet an vum Propriétaire sorsam of – et geet em den Erhalt an den ass nämmen garantéiert, wann e Propriétaire och eppes kann ufänken mat sengem Haus.</p>
“(...) une transmission de l'existant de l'ancien PAG dans tous les couches du nouveau PAG (...) a complètement échoué.”	<p>Vu dass dat Ziel eng Vereenheetlechung, eng Bereinigung an e Méi un Kloerheet war, war esou eng Transmissioun net dat Ziel gewiescht. Wou Ännerungen gemaach gi sinn, goufen se am Gemengerot an an den Aarbechtssitzungen diskutéiert an décidierter.</p> <p>All Member aus Gemenge- an Schäfferot konnt sech préparerieren a matschwätzen. Bei verschiddenen Couchen huet allerdéngs d'Gemeng kee Gestaltungsspillraum, do décidiereren d'Ministerien.</p>
“Une règle du PAG dit qu'on a besoin de 3 ares pour un appartement tandis qu'une autre règle limite la construction d'une maison d'appartements à 3 ou 4 appartements même si la grandeur de terrain permettrait de construire plus d'appartements.”	<p>De PAG ass en Entwécklungsinstrument fir eis Gemeng an mir hunn konsensuell déi Désisioun geholl, dass mer den ländleche Charakter vun eiser Gemeng wëllen halen an dowéinst ginn et bei eis Limiten fir grouss Appartementshaiser.</p>
“Autour de 2008, on a même construit 3 maisons d'appartements à 4 unités à Platen sur une prairie sans réalisation de PAP.”	<p>Dëst ass net vun dësem Gemengerot décidierert ginn. MG freet fir wat RZ déi Kritik haut, 2022, ubréngt an net 2008 wo hien am Gemengerot war.</p>
“En 2017, j'avais proposé de créer une commission de bâtisse qui fut refusé par le bourgmestre Marc Gergen.”	<p>Et ass richteg, dass dat eng Propositioun war, déi awer gemeinsam am Gemengerot am Konsens an enger Aarbechtssitzung net zeréckbehale ginn ass – wéi üblech bei ländleche Gemengen vun eiser Gréisst.</p>

## Diskussioun 5

<b>Hei Zitater aus dem Artikel vum René Zigrand</b>	<b>Hei d'Géigenduerstellung vum Marc Gergen</b>
“(...) j'avais proposé de revoir le PAG avant le vote définitif. Le bourgmestre Marc Gergen a ignoré ce mail (...)”	Déi hei Propositioun ass net ignoréiert ginn. MG huet dorop higewisen, dat RZ an der Aarbechtssitzung, an däer dat ganzt en Détail gekuckt gi war, net présent wor.
“Les réunions de travail sur le PAG étaient sans structures et sans concepts ce qui n'a pas facilité la tâche.”	RZ war éischten Schäffen zu däer Zäit. Et wier an senger Muecht gewiescht, hei eng Struktur z'establéieren wann et wierklech un Struktur sollt gefeelt hunn. MG huet émmer rëm de Wonsch geäussert, RZ soll sech abréngent, soll aktiv ginn, wat aus MGs Siicht net geschitt ass.
“Il est aussi curieux de voir que le conseil échevinal ne fait pas avancer deux PAP à Platen qui ont débuté en 2017 comme si la crise du logement ne concerneait pas notre commune.”	D'Gemeng Préizerdaul engagéiert sech ganz aktiv fir der Wunnengscrise entgéint ze wierken: Mir si Member vum Pacte Logement an hunn Projeeën en vu wou mer fir eis Gemeng abordable Wunnraum schafen. Déi PAPen, déi hei ugeschwat ginn, hänken net un der Gemeng, mee op aner Plazen. Wann eng Baugenehmigung bis op d'Gemeng kënnnt, kann geschwënn de Bagger rullen.

De Buergemeeschter huet no senger Duerstellung dozou encouragéiert, dës Diskussiounen zukënfteg am Gemengerot ze féieren mat enger fairer Méiglechkeet fir sech auszetauschen an d'Meenung vun jidderengem ze lauschteren. Et gouf sech doriwwer eraus dofir ausgeschwat, dass déi Décisiounen, déi mehrheetlech oder souguer eestëmmeg geholl gi sinn émgesat ginn. Nëmmen wann et nei Elementer géif ginn, sollten dës Décisiounen a Fro gestallt ginn a gären am Gemengerot oder den Aarbechtssitzungen diskutéiert ginn.

Alles dat (Diskussioun, Gläichberechting, Kompromëss, Konsens, Léieren aus Feeler) sinn, ganz am Sënn vun dëser Rubrik, déi Basiselementer vun enger funktionéierender Demokratie.

# Sitzungsbericht vom 16.12.2021

Anwesend: Gergen Marc, Bürgermeister; Müller Fernand, Rehlinger Marc, Schöffen; Bönigk Mareike, Groben Marc, Hilger François, Loes Michel, Zigrand René, Gemeinderäte.  
Entschuldigt: Schaus Tom

Falls nicht anders angegeben, sind sämtliche Beschlüsse einstimmig angenommen.

## 1. Einnahmeerklärungen

Die Räte unterschrieben verschiedene Einnahmeerklärungen.

## 2. Vorkaufsrecht

Der Gemeinderat verzichtet auf sein Vorkaufsrecht betreffend eine Parzelle in der Biebergriecht in Pratz.

## 3. Umklassierung eines Grundstückes vom öffentlichen Besitz in den Privatbesitz der Gemeinde

Zwecks späterer Regularisierung der Besitzverhältnisse zwischen der Gemeinde und einem Privateigentümer muss ein Teil eines Grundstückes vom öffentlichen Besitz in den Privatbesitz der Gemeinde wechseln.

## 4. Teilbebauungsplan

Ein Teilbebauungsplan wurde angenommen.

## 5. Genehmigung einer Konvention betreffend den Naturpakt

Die Konvention zwischen der Gemeinde und dem Naturschutzsyndikat Sicona betreffend das Bereitstellen eines Naturpaktberaters im Rahmen des kürzlich unterschriebenen Naturpaktes wird angenommen.

## 6. Festlegen von Subventionen betreffend erneuerbare Energien

Klimaschöffe Fernand Müller erklärt dem Gemeinderat, dass im direkten Vergleich mit Nachbargemeinden aus dem Kanton Redingen, die Gemeinde Préizerdaul einen nicht unerheblichen Nachholbedarf in Sachen Subventionen an Privatleute aufweist, was die Produktion erneuerbarer Energien, respektive die allgemeine Einsparung von Energie angehe.

Er schlägt demnach vor die Auszahlung von Gemeindezuschüssen prozentual an den Erhalt der staatlichen Subsidien zu koppeln, so dass dies ohne größeren administrativen Aufwand erledigt werden kann; die Auszahlung sollte auch einhergehen mit einer professionellen Beratung, wie sie vom Energiatelier des Syndikates „Réidener Kanton“ angeboten wird.

# Procès-verbal de la séance du conseil communal du 16.12.2021

Présent : Gergen Marc, bourgmestre ; Müller Fernand, Rehlinger Marc, échevins ; Bönigk Mareike, Groben Marc, Hilger François, Loes Michel, Zigrand René, conseillers.  
Excusé: Schaus Tom

Sauf indication contraire, toutes les décisions sont prises à l'unanimité.

## 1. Titres de recette

Les conseillers signent différents titres de recette.

## 2. Droit de préemption

Le conseil communal renonce à son droit de préemption concernant une parcelle au lieu-dit « Biebergriecht » à Pratz.

## 3. Reclassement d'un terrain du domaine public communal en domaine privé communal

Afin de régulariser ultérieurement les rapports de propriété entre la commune et un propriétaire privé, une partie d'un terrain doit passer du domaine public au domaine privé de la commune.

## 4. Projet de morcellement

Un plan d'aménagement partiel a été adopté.

## 5. Approbation de la convention pacte nature

La convention entre la commune et le syndicat intercommunal pour la conservation de la nature Sicona, concernant la mise à disposition d'un conseiller pour la nature dans le cadre du pacte nature récemment signé, est adoptée.

## 6. Fixation de subventions dans le cadre du pacte climat

L'échevin du climat Fernand Müller explique au conseil communal qu'en comparaison directe avec les communes voisines du canton de Redange, la commune du Préizerdaul a un retard non négligeable en matière de subventions aux particuliers pour la production d'énergies renouvelables, respectivement pour les économies d'énergie en général.

Il propose donc de lier le versement des subventions communales à l'obtention des subventions de l'Etat, de manière à ce que cela puisse se faire sans trop d'efforts administratifs ; le versement devrait également être accompagné d'un conseil professionnel tel que celui proposé par l'Atelier Energie du Syndicat "Réidener Kanton".

Sobald dieses Reglement von der Oberbehörde genehmigt ist, werde die Gemeinde es der breiten Öffentlichkeit in einer nächsten Gemeindezeitung mitteilen, wie auch von Rätin Bönigk vorgeschlagen wurde.

Rat Loes gab zu Bedenken, dass es wenig sinnvoll sei, neben den staatlichen Prämien sogenannte Luxusgüter wie E-Bikes von der Gemeinde zusätzlich zu subventionieren. Bürgermeister Gergen bedauerte die Tatsache, dass es in diesem Bereich keine einheitliche Regelung im Kanton Redingen gibt.

## 7. Änderung des Reglements betreffend Vereinssubsidien

Um den administrativen Aufwand sowohl für die Gemeinde als auch für die Vereine so gering wie möglich zu halten, wird das Reglement, welches die Höhe der Vereinssubsidien festlegt dahingehend umgeändert, dass nur noch alle 3 Jahre eine Neuberechnung durchgeführt wird. Zudem soll die Obergrenze für Subsidien für Vereine aus dem Kanton Redingen, welche nicht in die Berechnung passen, wegfallen.

## 8. Beschlussfassung betreffend Kapitalerhöhung der DEA

Die Gemeinde Préizerdaul wird die angeforderte Kapitalerhöhung seitens der DEA von 2.400 € in einer einmaligen Zahlung abwickeln.

## 9. Rektifizierter Haushalt 2021 und Haushalt 2022

Nachdem der Gemeinderat sich bereits in einer Arbeitssitzung ausführlich mit der Vorbereitung des rektifizierten Haushaltes für das Jahr 2021 sowie der Haushaltsvorlage für das kommende Jahr beschäftigt hatte, wurden die Eckdaten jetzt präzisiert:

**Das Jahr 2021 wird voraussichtlich mit einem Boni im gewöhnlichen Haushalt von 1.732.071,41 € und einem Mali im außergewöhnlichen Teil von 2.746.019,35 € abschließen**, wobei zu bemerken bleibt, dass 2021 keine Anleihe getätigten wurde. Verrechnet mit dem abschließenden Boni des Jahres 2020, dürften schließlich 795.390,12 € auf der Habenseite verbleiben.

**2022 soll ein Boni von 1.476.770,37 € im gewöhnlichen Haushalt, sowie ein Mali von 2.209.564,93 € im außergewöhnlichen Teil verbleiben;** verrechnet mit dem geplanten Boni des Jahres 2021, müsste am Ende des Haushaltsjahres 2022 insgesamt ein Boni von 62.595,56 € übrig bleiben.

Rat Loes legte Wert drauf, dass es 2022 nicht zu der eingeschriebenen Anleihe von 1.600.000,00 € kommen dürfe, da erst im nächsten Jahr das Großprojekt des neuen Schulcampus anstehe. Der Bürgermeister stellte klar, dass sicherlich nicht alle Arbeiten, die jetzt im Haushalt 2022 beziffert sind, auch tatsächlich in ihrem ganzen Umfang zum Tragen kommen werden.

Dès que ce règlement sera approuvé par l'autorité supérieure, la commune le communiquera au grand public dans un prochain journal communal, comme l'a également proposé la conseillère Bönigk.

Le conseiller Loes a fait remarquer qu'il était peu judicieux de subventionner, en plus des primes de l'État, des produits dits « de luxe » comme les vélos électriques par la commune. Le bourgmestre Gergen a regretté le fait qu'il n'existe pas de réglementation uniforme dans ce domaine dans le canton de Redange.

## 7. Modification du règlement communal concernant l'octroi des subsides

Afin de réduire au maximum l'effort administratif, tant pour la commune que pour les associations, le règlement fixant le montant des subventions aux associations sera modifié de manière, à ce qu'un nouveau calcul ne soit effectué que tous les trois ans. En outre, la limite supérieure des subventions pour les associations du canton de Redange, lesquelles ne rentrent pas dans le calcul, sera supprimée.

## 8. Décision relative au mode de remboursement de l'apport en capital à souscrire par la DEA en 2022

La commune du Préizerdaul réglera l'augmentation en capital demandée par la DEA de 2.400 € en un seul versement.

## 9. Budget rectifié 2021 et Budget 2022

Après que le conseil communal se soit/ s'est penché, lors d'une séance de travail intense, sur la préparation du budget rectifié pour l'année 2021 ainsi que sur la présentation du budget pour l'année à venir, les données de référence ont maintenant été précisées:

**L'année 2021 devrait se clôturer avec un bonus dans le budget ordinaire de 1.732.071,41 € et un mali dans la partie extraordinaire de 2.746.019,35 €**, étant précisé qu'aucun emprunt n'a été réalisé en 2021. Si l'on compense avec le bonus final de 2020, il devrait finalement rester 795.390,12 € comme boni.

**En 2022, il devrait rester un boni de 1.476.770,37 € dans le budget ordinaire, ainsi qu'un mali de 2.209.564,93 € dans la partie extraordinaire**; si on le compare au boni prévu pour 2021, il devrait rester au total un boni de 62.595,56 € à la fin de l'exercice budgétaire 2022.

Le conseiller Loes a insisté sur le fait que l'emprunt inscrit de 1.600.000,00 € ne devrait pas avoir lieu en 2022, car le grand projet du nouveau campus scolaire n'est prévu que pour l'année prochaine. Le bourgmestre a précisé que tous les travaux chiffrés dans le budget 2022 ne seront certainement pas réalisés dans toute leur ampleur.

**Dépenses extraordinaires pour l'année 2022**  
**Die wichtigsten aussergewöhnlichen Ausgaben 2022**

Elaboration du projet définitif du nouveau campus scolaire <i>Erstellen der definitiven Pläne des neuen Schulgebäudes</i>	750.000 €
Acquisition propriété immobilière pour la réalisation d'un projet de logements à coûts modérés <i>Ankauf einer Immobilie zwecks Schaffen von sozialem Wohnungsbau</i>	550.000 €
Acquisition maison Schlessler pour la réalisation d'un projet de logements à coûts modérés (3ème et dernière tranche) <i>Ankauf Schlessler-Haus zwecks Schaffen von sozialem Wohnungsbau (dritte und letzte Rate)</i>	575.000 €
Réfection de la rue de la fontaine à Platen (début de la 2ème phase) <i>Erneuerung rue de la fontaine : Beginn 2. Phase</i>	250.000 €
Réfection chemins ruraux <i>Erneuerung Feldwege</i>	112.000 €
Rénovation de divers tronçons du réseau d'eau potable à Reimberg <i>Instandsetzung von verschiedenen Wasserleitungen in Reimberg</i>	150.000 €
Rénovation roue hydraulique et remise en état de la cage d'escalier <i>Instandsetzung der Wasserradanlage und des Treppenhauses</i>	75.000 €
Réaménagement aire de jeux « Dauler Kaul » <i>Neugestaltung des Spielplatzes « Dauler Kaul »</i>	100.000 €
Aménagement parcours cycliste derrière hall des sports <i>Einrichtung eines Radweges hinter der Sporthalle</i>	100.000 €
Mesures « Pacte Climat » « Klimapakt » Massnahmen	55.000 €
Acquisition balayeuse automotrice <i>Kauf einer Kehrmaschine</i>	180.000 €
Tableaux interactifs et I-pads pour l'école fondamentale <i>Interaktive Tafeln und I-Pads für die Grundschule</i>	40.000 €
Projets d'investissement „Réidener Kanton“ <i>Investitionen des Syndikates „Reidener Kanton“</i>	98.000 €
Extension „Réidener Schwämm“ (1ère tranche de 3) <i>Ausbau der „Réidener Schwämm“ (erster Teil)</i>	350.000 €

## OPRUFF – APPEL A CANDIDATURES

### D'Integratioun-Kommissioun sicht nei Memberen.

Wann Dir interesséiert sidd fir bei eis matzeschaffen am Intérêt vun eisen auslännische an och neie Matbierger, da stellt Äer Kandidatur un de Schäfferot, 3 rue de la mairie L-8606 Bettborn.

### La commission consultative communale d'intégration cherche de nouveaux membres.

Si vous êtes intéressés à contribuer à l'accueil et l'intégration des étrangers et des nouveaux arrivants dans notre commune, veuillez adresser votre candidature au Collège échevinal,  
3 rue de la maire à L-8606 Bettborn.

## 10. Informationen des Schöffenrates

- Der Bürgermeister informierte die Räte über den aktuellen Stand der Baustelle zur Errichtung eines Lebensmittelgeschäftes in der früheren Geschäftsstelle Ensch.
- Demnächst finde eine Info Veranstaltung mit den Landwirten aus der Region Attert statt, um den Maßnahmenkatalog zwecks Quellschutz vorzustellen.
- Schließlich war es auch die letzte Sitzung für Rat Marc Groben, der aufgrund eines Wohnsitzwechsels seine Tätigkeit im Gemeinderat Préizerdaul beenden muss. Der Bürgermeister fand warme Worte für seine vorbildliche Zusammenarbeit in all den Jahren, besonders während seiner Funktion als Schöffen der Gemeinde.

Marc Groben seinerseits hob die gute Stimmung im aktuellen Gemeinderat hervor und bedankte sich bei allen Beteiligten für interessante und lehrreiche Jahre.

Nachdem der Bürgermeister hervorhob, dass man zu gegebenem Zeitpunkt den scheidenden Gemeinderat in allen Ehren verabschieden werde, wünschte er allen Anwesenden ein frohes Fest und einen guten Rutsch ins neue Jahr.

## 10. Infos collège échevinal

- Le bourgmestre a informé les conseillers sur l'état actuel du chantier de construction d'un magasin d'alimentation dans l'ancien bâtiment Ensch.
- Une réunion d'information avec les agriculteurs de la région d'Attert aura lieu prochainement, afin de présenter le catalogue de mesures pour la protection des sources.

Enfin c'était aussi la dernière réunion pour le conseiller Marc Groben lequel, suite à un changement de domicile, doit mettre fin à ses activités au sein du conseil communal du Préizerdaul. Le bourgmestre a trouvé des mots chaleureux pour sa collaboration précieuse durant toutes ces années, notamment pendant sa fonction d'échevin de la commune.

De son côté, Marc Groben a souligné la bonne ambiance qui règne au sein du conseil communal actuel et a remercié tous les participants pour ces années intéressantes et instructives.

Après avoir souligné que le moment venu, le conseiller communal sortant sera remercié avec tous les honneurs, le bourgmestre a souhaité à toutes les personnes présentes de joyeuses fêtes et une bonne nouvelle année.

## Fixation de subventions dans le cadre du pacte climat

### Article 1<sup>er</sup>

#### Aides communales en relation avec des installations techniques suivantes valorisant les sources d'énergies renouvelables :

- Une aide financière communale à raison de 25% de l'aide étatique est accordée dans le cadre de la mise en place des installations techniques suivantes :
  - Installation photovoltaïque sur le corps de l'immeuble ;
  - Pompe à chaleur géothermique ;
  - Pompe à chaleur air/eau ;
  - Chaudière à granulés/plaquettes de bois ;
  - Chaudière à bûches de bois ou combinaison bûches/granulés ;
  - Poêle à granulés de bois.
- Une aide financière communale à raison de 50% de l'aide étatique est accordée dans le cadre de la mise en place des installations techniques suivantes :
